# Optakt Theatersaison

Jean-Claude Majerus

De Summer ass eriwwer, d'Leit sinn aus der Vakanz erëm, an d'Liewen geet neess säin normalen „Train-Train".

D'Theateren zu Lëtzebuerg stëpsen hir Bühnen of, an da kann och fir si déi nei Saison ufänken. Et ass awer wéi all Joers, d'Theatere maachen op, an och wéi all Joers ass neess ganz vill Theater beieneen.

Op en Neits kann een dann d'Fro iwwert d'Koordinatioun tëscht den Theatere stellen. Et huet een ëmmer méi d'Impressioun, all Theater kuckt no sech, a fir de Rescht ass et egal. Soll een iwwerhaapt nach e Commentaire iwwert deen zäitweisen Theateriwwerschoss zu Lëtzebuerg schreiwen, well all Kéiers no der Summervakanz an dann nach emol no der Chrëschtvakanz, da rabbelt et hei bei eis am Theaterkalenner, oder soll een denken: „Da maacht dach wat der wëllt!"

Jiddweree mengt, e misst am September-Oktober, respektiv Januar-Februar mat enger neier Theaterproduktioun op d'Brieder klammen, an all Joer op en Neits kritt een dann zäitweis Theater am Iwwerschoss, éier et dann nees duerch de Rescht vun der Saison plätschert.

Ma et kann een et awer net dacks genuch soen, da fänke mer alt neess vu vir un: Theater zu Lëtzebuerg: Klapp, déi 17.

Just fir de Kader ze setzen, tëscht dem 13. September 2006 an dem 25. September 2006, also bannent 12 Deeg, hu Lëtzebuerger Theater- a Kulturhaiser am ganzen 8 nei Spektakele presentéiert, an am Beschte war, dat den 23. September 2006 3 Manifestatiounen um selwechten Owend op der Affiche stungen, et war eng Theaterpremière am Kasemattentheater, eng Theaterpremière zu Esch am Theater an den Ouverturesconcert vun der Saison am Centre des arts pluriels zu Ettelbréck.

„Wéi ass dat méiglech, oder fällt et kengem op?"

Mir hu jo awer eng Lëtzebuerger Federatioun vun de professionellen Theateren, an d'Memberen vun der FLTP gesi sech regelméisseg. An ech stelle mer emol vir, datt Koordinatioun sécher eng vun de primäre Missioune vun der Federatioun ass. Just, wa mer elo kucke wat leeft, dann ass déi Koordinatioun awer net vill wäert. Zwou Premièren op deemselwechten Owend a vill zevill Stécker beieneen. Mir sinn äis jo och eens, datt mer hei zu Lëtzebuerg e limitéierten Theaterpublikum hunn, andeems dat se elo all mateneen hir Produktioune weisen, deele se dëse Publikum op, a jiddweree kritt e puer Leit, awer ni vill, an engem Mooss, datt ëmmer neess besonnesch bei de klengen Theatere Virstellungen ofgesot ginn, well keng Leit kommen, a genee dat ass jo net grad am Interêt vum Theater.

Theater soll fir de Public Freed an Divertissement sinn, a mat der deels rieseger Offer zu Lëtzebuerg weess ech net, op een dat als Freed kann definéieren. Et kann een net vun de Leit verlaangen, zevill dacks hannereneen an den Theater ze goen, fir iwwerhaapt alles kënnen ze gesinn, vu „Genoss" woe mer mol net ze schwätzen. Da kënnt derbäi, dat mer esou schlecht dru sinn, d'Lëtzebuerger Politik huet dat och verlaude gelooss: „De Geldbeidel gëtt ëmmer méi eidel, et ass kee Wak méi dran, et ass beim aarme Jang."

Esou vill Theater beienee schléit an de Portemonni. Kënne mer äis et nach leeschten, méi wéi 1 oder 2 Mol de Mount an den Theater ze goen? Huet den normale Mënsch all Mount 200, 300 oder 400 Euro labber sëtze fir den Theater, mat niewebäi dem traditionelle Patt? Et kënnt den Ament, do seet d'Iwwerleeung: STOP.

Wann déi eenzel Theatertruppe sech géifen ofschwätzen an hir Produktiounen anstänneg a regelméisseg verdeelen, da kéinte Leit éischtens mat Freed an zweetens ouni finanziell Contrainten Theater kucke goen.

Mä wéi et schéngt, ass dat net dran.

Mä et sollt jo alles besser ginn.

D'Theaterfederatioun hat dëst Joer am Kader vun enger Pressekonferenz annoncéiert, datt eng Persoun hallef Deeg agestallt gouf, déi ë.a. och

**Wann déi eenzel Theatertruppe sech géifen ofschwätzen an hir Produktiounen anstänneg a regelméisseg verdeelen, da kéinte Leit éischtens mat Freed an zweetens ouni finanziell Contrainten Theater kucke goen.**

*De Jean-Claude Majerus ass Journalist beim radio 100,7.*

d'Koordinatioun als Missioun hätt, mä kënne mer vu „Mission accomplie" schwätzen: Ech mengen net!

Huele mer nach den Internet-Site vun der FLTP, de www.theater.lu.

Den Theater hat am September seng Rentrée, wann een elo awer um FLTP-Internet-Site op d'Rubrik Agenda geklickt huet, da konnt een... Nee, am Fong hätt een, wéi dat sech fir en Agenda an e Kalenner gehéiert, Datumer, d'Auerzäiten a soss Detailer vun den eenzelnen Opféierunge liese kënnen, mä wat war lass, den Agenda op www.theater.lu war datselwecht wéi e mathemateschen „Ensemble vide". Den Internet-Site vun der FLTP gouf als Informatiounsquell presentéiert an dat Verspriechen erfëllt de Site eben net.

Et ass net vu Muttwëll sech och allgemeng Froen iwwert d'Theaterfederatioun ze stellen: Wéi eng Roll spillt d'FLTP? Wéi stinn déi eenzel Theaterhaiser zu der Federatioun? Huet d'Federatioun iwwerhaapt Sënn, wa souwéisou jiddwereen méi oder manner mécht wat e wëll? Oder ass d'Federatioun net einfach „vergebene Liebesmüh"?

Koordinatioun a Kommunikatioun si Stéchwierder iwwert déi d'Theateren zu Lëtzebuerg, mat e puer Ausnahmen, nach vill musse léieren.

Wann een dem Public net mat Zäite seet, wat ee wéini a wou ka gesinn, dann dierf ee sech als Theater och net wonneren, wann d'Säll net ganz voll ginn well mer eben hei zu Lëtzebuerg, wéi scho gesot, e limitéierten Theaterpublic hunn.

Mä et soll een d'Hoffnung net opginn, a vläicht gëtt jo awer iergend eng Kéier: ALLES BESSER!

*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer.*
*Kulturchronik vum 12.9.2006*

forum

Gutschein für die drei kommenden Ausgaben

Name: ........................................
Vorname: ........................................
Adresse: ........................................
........................................
PLZ: .................... Ort: ........................................
Tel.: .................... e-mail: ........................................

Bitte ausfüllen und einsenden an :
***forum a.s.b.l***
1, place Sainte-Cunégonde
L-1367 Luxembourg-Clausen
Konto CCP: IBAN LU83 1111 0611 5444 0000

Tél.: +352 42 44 88
Fax: +352 42 44 99
e-mail: forum@pt.lu

**forum**
für Politik, Gesellschaft und Kultur

gegründet 1976
Herausgeber: *forum* a.s.b.l.
Durchschnittliche Auflage: 1 900 Expl.
10 Ausgaben im Jahr
ISSN 1680 - 2322

**Ständige Mitarbeiter**
Jean-Paul Barthel, Lex Folscheid, Olivier John, Michel Pauly, Jürgen Stoldt, Viviane Thill

**Koordination** Lynn Herr

**Sekretariat** Tanja Schnitzler

**Autoren dieser Ausgabe**
Romina Calò, Norbert Campagna, Dieter Ferring, Carole Lorang, Jean-Claude Majerus, Michel Pauly, Luc Reuter, Jemp Schuster, Sam Tanson, Germain Wagner, Helmut Willems, Carole Winandy

**Interviewpartner dieser Ausgabe**
Frank Feitler, Olivier Ortolani

**Originalillustrationen** Olivier John

**© Fotos Cover**
Andreas Köhring, Martine de Lagardère, Nick Mangafas

**Druck** c.a.press, Esch/Alzette

Namentlich gezeichnete Artikel geben nicht unbedingt die Meinung der Redaktion wieder. Nachdruck und elektronische Verbreitung von *forum*-Beiträgen nur mit ausdrücklicher Genehmigung.
© 2006 by *forum* a.s.b.l.

**Bezugspreise**
Einzelheft..........5 Euro
Jahresabonnement..........42 Euro
Jahresabonnement im Umschlag.....54 Euro
Studenten, Arbeitslose und Geschenkabonnements..........34 Euro
Jahresabonnement im Ausland........54 Euro

Überweisungen auf das *forum*-Postscheckkonto
IBAN LU 831111061154440000
mit dem Vermerk „Neuabo ab Nr …"
und vollständiger Adresse.

Wir danken der *forum*-Fördergemeinschaft, dem Ministère de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche und dem Fonds national de la recherche für die finanzielle Unterstützung.

**1, place Ste Cunégonde**
**L-1367 Luxembourg**
**Tel.: 42 44 88 Fax: 42 44 99**
**E-mail: forum@pt.lu**
**Bürozeiten: Montag bis Freitag, 9-12 Uhr**

**www.forum.lu**